PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 04/08/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & de Minister fir Digitalisatioun weiderzeleeden.

Laut dem Gesetz vum 28.05.2019 muss de Staat seng Internetsäiten an Applikatioune behënnertegerecht gestallten. Persoune mat enger Behënnerung, déi trotzdeem op Problemer stoussen, wann se wëllen déi staatlech Siten oder mobil Applikatioune benotzen, kënne beim *Service d'information et de presse* (SIP) eng Reklamatioun areechen. 13 Persounen hunn dëst Joer schonn esou eng Reklamatioun agereecht. Nëmmen an 3 Fäll konnt der betraffener Persoun eng Léisung proposéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. An der Äntwert op d'Fro 2935 hat de Minister erkläert, dass 86 Internetsäiten virum 23ten September 2020 a Konformitéit gesat goufen an dass den Delai fir d'mobil Applikatiounen nach bis den 23ten Juni 2021 géing lafen.
   Wéi vill Internetsite sinn haut konform? Wéi vill mobil Applikatiounen hunn bis den 23ten Juni Accessibilitéitsdeklaratioune gemaach?

2. Bei 10 Reklamatioune konnt de Betraffene keng Léisung proposéiert ginn. Wéi gedenkt de Ministère virzegoen, fir dës Problemer schnellstméiglech ze léisen?

3. Kann de Ministère aschätzen, wéi vill eng Mise en conformité an dësen 10 Fäll konkrete géing kaschten?

4. Wéi gedenkt de Ministère an Zukunft mat Reklamatiounen ëmzegoen, bei deenen de Concernéierte keng Léisunge kënne proposéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député